

## **Commémoratioun vum 75. Anniversaire vun der Befreiung vun der Stad Lëtzebuerg (10/09/2019)**

---

Altesse Royale,

Är Präsenz bei dëser Commémoratioun vum 75. Anniversaire vun der Befreiung vun der Haaptstad beweist Är déif Verbonnenheet mam lëtzebuergesche Vollek a senger Geschicht, an ënnersträicht d'Noutwendegkeet, jo, eis Flicht, fir d'Erënnerung un déi, déi sech fir d'Fräiheet vun eiser Natioun agesat hunn, oprechtzeerhalen a sécherzestellen, datt eist Vollek ni méi esou Épreuvë muss erliewen.

Am Numm vun den Awunner vun eiser Stad, soen ech lech vun ganzem Häerze Merci a wëll lech eisen déiwe Respekt an eis Verbonnenheet ausdrécken.

Här Chamberpresident,

Här Premier Minister,

Madamm Premier Minister,

Exzellenzen,

Dir Dammen an Hären,

Ech mengen mir hätten keng besser Plaz fanne kennen, wéi hei de Cercle, deem 1909 seng Dieren opgemaach huet, fir un dat ze erënneren wat virun 75 Joer geschitt ass.

Well wann dës Mauere schwätze kéinten, géifen Si ons erzielen, vun schéinen, ergräifenden an awer och dramateschen Momenter vun der Geschicht vun eisem Vollek am Laf vum leschten Joerhonnert.

Si géingen ons fir d'éischt, mat Begeeschterung erzielen, vun deem 10. September 1944 wou, bei stralender Hierschtsonn, Sonndesmoies géint 9 Auer, déi éischt amerikanesch Panzeren vun der 5. Divisioun iwwert d'Lonkecherstrooss an d'Stad koumen (déi dono den Numm Avenue du X Septembre krut), nodeems et bei der Gréiwelsbarrière zu Bartreng nach zu heftegen Gefechter komm war, wou et och nach Doudeger gouf. D'Leit koumen vun alle Säiten erbäi, an hunn deem jonken G.I., laachend zougewénkt an déi Dankbarkeet déi Si fir hier Befreier emfonnt hunn, ass bis haut, fir all Lëtzebuurger bliwwen. An wei e bëssen méi spéit, d'Leit de Prënz Felix an der Uniform, vun engem engleschen Offizéier, niewent dem Generol Oliver, dem Kommandant vun der 5th Armed Divison, op engem offenen

Jeep gesinn hunn, ass eng onwahrscheinlech Begeeschterung ausgebrach. Den Buergermeeschter Gaston Diderich, huet Si um Boulevard Royal empfaangen, an dem Prënz Felix Blumen iwwerrecht, an mat him bis zur Place d'Armes gaangen, mee do hunn d'Leit de Prënz op d'Schëlleren gehuewen, an hien hei an de Cercle gedroen, vun wou aus de Prënz Felix vum Balcon dem Vollek Gréiss vun senger Fra der Grande-Duchesse Charlotte iwwerbruecht huet. D'Freed war onbeschreiblech an d'Uelzecht an de Feierwon sinn spontan gesongen ginn. Fir déi Leit déi dee Moment mat erlieft hunn, war dat, wei vill soten, deen schéinsten Dag vun hirem Liewen, et war d'Enn vun der Occupatioun.

An wéi am Nomëtten den Prënz Jean an senger Irish Guards Uniform um Knuedler ukomm ass, an wei hien sech mat sengem Papp op der Fënster vun der Märei gewisen huet, huet d'Begeeschterung een neien Héichpunkt fonnt. Och wann nach erbattert Gefechter am Westen vun der Stad, Verluerekascht, Cents, geliwwert ginn sinn, mat Doudeger, Verletzer an vill zerstéierten Haiser.

Fir d'Stater war et Befreiung vun 4 Joer an 4 Méint vun engem Terrorregimm, deen déi politesch Responsabel vun der Gemeng an hirer 1. Sitzung esou beschriwwen hunn :

Au mois de mai 1940, une gigantesque et féroce entreprise s'est mis en marche qui a supprimé toutes nos institutions, toutes nos lois, toutes nos libertés pour les remplacer par les lois tyranniques du 3e Reich. La force primait le droit.

Nous avons gravi un dur calvaire. Le furor teutonicus sévissait avec une violence inouïe. Cependant, les luxembourgeois, dans leur grande majorité, sont restés fidèles à leur patrie. Une même force les a soutenus : l'amour de la liberté, de leur souveraine et la haine contre l'envahisseur.

Beaucoup ont fait preuve d'un héroïsme et d'un amour de la patrie qui resteront inscrits comme les plus belles pages de notre histoire. La haute dignité de leur attitude doit nous servir d'exemple dans l'œuvre de réorganisation et de reconstruction que nous entreprenons.

Lourde tâche, si jamais il en fut!

Tout a été bouleversé et modifié au gré du bon plaisir des dirigeants et des lois du Grand Reich.

Nous reprenons modestement l'Administration Communale en mains pour la diriger et la mener d'après notre vieille loi communale de 1843.

[...]

À partir du 10 septembre 1944, l'administration communale se soude à celle qui s'est terminée le 10 mai 1940. Tout ce qui a été changé, ordonné, organisé, décrété, entretemps, ne possède aucune valeur juridique vis-à-vis de la nouvelle administration.

[...]

Notre travail ne sera inspiré que par une seule pensée, qui constitue également la belle devise de nos Souverains : "Je sers".

D'Proklamatioun, déi de Schäfferot vun der Stad Lëtzebuerg erausginn huet, resümeiert d'Gefiller an d'Gedanken, mee och déi staark Wëllenskraaft d'Land erëm op sécher Been ze stellen, mat dem Ausruff: "Letzeburg soll liewen, Letzeburg wölt liewen frei an onofhängeg (...) He'ch Letzeburg!"

Jo, et waren schwéier Zäiten, déi dëst Haus direkt materlieft huet.

A wann déi Maueren schwätzen kéinten, géingen Sie erzielen wéi 1939 hei an dësem Sall engersäits de Centenaire vun der Onofhängegkeet vum Grand-Duché gefeiert ginn ass, ass anerersäits ënnert dësem selwechten Daach, an an deem selwechte Joer, am Passbüro eng nei a steigend Tendenz enregistréiert gi vu Clienten, déi sech virbereet hunn, fir d'Land ze verloossen, sécherlech gedriwwen vum enger bedréckender Virahnung vum deem däischtere Schicksal, dat no an no säi Schiet iwwert eist Land sollt werfen. En anert Zeechen, fir dat, wat sollt op d'Lëtzebuurger duerkommen, war déi elektresch Sireen, déi um Tiermchen vum Cercle installéiert gouf, fir d'Awunner vun der Uewerstad viru Loftattacken ze warnen. Dës sollt iwwert déi nächst Méint effektiv des ëfteren an den Asaz kommen. Ee vun den ongeféier 60 Loftschutzbunkeren, huet sech direkt hei e puer Meter ënnert eis befonnt.

Wann dës Mauere schwätze kéinten, géingen se d'Geschicht vun den evakuéierte Leit zielen, déi no der Invasioun vum 10. Mee 1940 tëschen dëse Mauere gewunnt a geschlof hunn, an dëst, bis datt déi nei Besatzungsmuecht sech definitiv am Gebai installéiert huet – wat vun deem Moment un „Städtisches Festhaus“ genannt gouf a wat ënnert anerem fir politesch Manifestatiounen an Evenementer fir d'Verbreedung vun der hitlerescher Doctrine gebraucht ginn ass.

Nom Krich gouf et aner ergräifend Momenter, an dëse Maueren : sou sinn tëschen dem 12. an 31. Mäerz 1945, 890 Lëtzebuurger mat amerikanesche Camionen aus Däitschland heihi bruecht a virun den Diere vum Cercle ofgesat ginn. Hei si si emfaange ginn, kruten eng Molzecht, si vun der Police gehéiert an dono vun Dokteren am Peristyl encadréiert ginn, all dëst während hir Famill a Frënn virun den Diere op de

Moment vun der Erliichterung gewaart hu, wou si hir Léifsten endlech erëm an hiert gebuergent Doheem konnte bréngen.

Kee vun eis hei ka sech an d'Haut vun deene jéinegen versetzen, déi, e puer Méint méi spéit, d'Portraie vun den iwwer 3.000 vermésste Lëtzebuurger duerchgekuckt hunn, déi vun der Ligue Ons Jongen ausgestellt gi waren an der Hoffnung, iwwert dëse Wee Renseignementer iwwert dës jonk Verméssten ze sammelen, fir datt hir Geschichten kéinten opgedeckt ginn an an der Mémoire vum Vollek erhale bleiwen.

E lescht Bild wat dëst däischtert Kapitel ofschléisst: de Portail vum Cercle, mat engem Trauerrideau behaangen, den Peristyl, ëmgewandelt an e Mausoleum, fir um Dag vun der nationaler Trauer, dem 9. Mäerz 1946, 45 Särg an 22 Urnen mat de laiflechen Iwwerreschter vun de Lëtzebuurger ze empfanke, déi hiert Liewen fir eist Land am Krich an Däitschland gelooss hunn. Bei de Familljen an noe Frënn, déi hei hiere Léifsten déi lescht Eier erweisen hunn, war och d'Grande-Duchesse Charlotte.

No dësem däischteren Kapitel hunn dës Maueren awer och materlieft, wéi d'Joren no der Befreiung eng Ära vun Hoffnung, Opschwung an Neiwand waren. Et ass an dëse Raim, wou den 1. Conseil des Ministres vun der haute Autorité CECA 1952 siégéiert huet an wou och d'Cour de Justice vun der CECA hier Séance plénière haten. Et ass hei wou d'Jalone gesat ginn fir den Opbau vun engem fräien Lëtzebuerg an fräien Europa wou Demokratie an Gläichberechtigung grouss geschriwwen sollen ginn. Et wor dee Moment, grad ewéi haut, besonnesch wichteg datt Lëtzebuerg géing dee richtegen Wee aschloen an sech net aus Angscht virum Friemen géing verschléissen an an der Zäit stoen bleiwen.

Am Hibleck op déi mouvementéiert politesch Wellen, déi mir momentan ronderëm eis spieren - vill ze vill no un eis spieren – vu déi onmënschlechen Discoursen, déi vu verschiddenen Acteuren gefouert a verbreet ginn, vu déi erschreckender Propos'en, déi vu Bierger an Europa gehalen a verfecht ginn, vu Leit, déi d'Geschicht, d'Leiden an d'Kämpf vun hire Virgänger schénge vergiess ze hunn, an déi hir Rechter, hir Liewensqualitéit a Sécherheeten als selbstverständlech an acquis ugesinn, an esou engem Kontext ass e Moment vun der Commémoratioun, wéi deen, fir dee mir haut zesummekomm sinn, méi néideg wéi jee, jo, ech géing soen, existenziell.

D'Fräiheet, där mir eis haut alleguer hei erfreen, d'Fräiheet ze denken an ze schwätzen wéi mir et fir richtig emfannen, ass e Gutt vun onvergläichbarem Wäert an gläichzäiteg, immens vulnérabel, wat mer méi wéi alles an der Welt musse schützen. Loosst eis net vergiessen, wéi d'Leit virun all deene Joren

dono verlaangert hunn, hir Fräiheet a Rechter erëmzegewannen, e Wonsch, ënnerlech esou staark, deen am Gedicht "Liberté" vum franséischen Auteur Paul Eluard méi wéi treffend a Wieder gefaasst gouf. Dëst Gedicht gouf 1942 an engem staarken Asaz vun der Resistenz heemlech verdeelt an an Dausende vun Exemplairë vu britesche Fligere vun der Royal Air Force 1942 verspreeet .

Ech zitieren hei just déi lescht Strophe, déi den Ofschluss vum Gedicht markéiert :

*Et par le pouvoir d'un mot  
Je recommence ma vie  
Je suis né pour te connaître  
Pour te nommer  
  
Liberté.*

Loosst eis dës historesch Momenter vu Freed, vu Leed an déiwer Dankbarkeet no an eisen Härzer a Gedanken halen, an eis all Dag, an ouni ze ermidden dofir asetzen , datt dës Maueren hei ni méi Zeie musse gi vun däischtere Momenter, Leed an Ongerechtegkeet, fir d'Generatiounen, déi no eis kommen.